N°2341
Entrée le 19.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.05.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Héichschoulminister weiderzeleeden.

An engem Interview mat Virgule.lu vum 31. Mäerz 2025 huet de Rekter vun der Uni Lëtzebuerg fir de Summer 2025 follgend Initiativ ugekënnegt:

*«Pour les programmes où nous avons un important déficit de parité, nous allons ouvrir le recrutement de professeurs uniquement aux femmes pendant six mois, <u>avec l'accord du gouvernement</u>. Avec cette initiative, nous voulons envoyer un vrai signal.»*

Dës Ukënnegung ass ëmsou méi verwonnerlech, wéi d'Lëtzebuerger Aarbechtsrecht an d'Lëtzebuerger Gläichstellungsgesetz all Form vun Diskriminéierung, an dat besonnesch bei Astellungen, verbitt a wéi kee Patron e bestëmmt Geschlecht favoriséieren däerf, et sief dann, dëst Geschlecht erfëllt eng wesentlech an entscheedend beruﬄech Ufuerderung (z.B. beim Besetze vun enger weiblecher Theaterroll).

D'Aussoe vum Rekter vun der Uni Lëtzebuerg hunn op der Uni zu Accusatiounen net nëmme vun expliziter Männerfeindlechkeet gefouert, mee och vun enger Ofwendung vum Leeschtungsprinzip, an deem Sënn, datt an Zukunft net méi de beschte Kandidat, wien och ëmmer dat ass, ob eng Fra oder e Mann, e bestëmmte Poste kritt.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Minister:

1) De Rekter vun der Uni Lëtzebuerg berifft sech bei senger Ukënnegung ausdrécklech op den Accord vun der Regierung. Kann d'Madamm Minister preziséieren, datt d'Regierung der Uni Lëtzebuerg dësen Accord ginn huet? Wa jo, wéi ee Minister huet der Uni Lëtzebuerg dësen Accord ginn?
2) Ass d'Madamm Minister net der Meenung, datt et sech bei der Initiativ *"ouvrir le recrutement de professeurs uniquement aux femmes pendant six mois"* ëm eng Form vun Diskriminéierung géintiwwer männleche Kandidaten handelt?
3) Firwat gëtt hei nëmmen nom Geschlecht gekuckt an net no anere Krittären, wéi Behënnerung, Ethnie oder sozial schwaach Gesellschaftsschicht, also Leit, déi noweislech ënnerrepresentéiert si par rapport zu wäissen, privilegéierte Fraen ouni Behënnerung, déi sech bewerbe kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten